Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

Formatioun 'Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen.'

Fir ween	all interesséiert Chef
Formateur(en)	CNAPA
Wou	Chalet Neihaischen
Wéini	**18. Nov 2023** vun **08:00** bis **17:00**
Umeldung bis	16/11/2023 op https://chefbox.lgs.lu/portal/formatioun/umellen/100/
Kategorie	Pedagogesches
Typ	Diskussiounsronn, Dobannen
Beschreiwung	Wann dir d'Formatiounen ofgeschloss hutt, kënnt dir Sensibiliséierungsmaterial bei eis ausléinen, fir d'Thema mat äre Jonken am Grupp unzeschwätzen.
Ziler	No dem positive Feedback vu leschtem Joer proposéiert de Centre national de prévention des Addictions (CNAPA) de Scoutscheffen eng zweete kéier d' Formatioun zum Thema: Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen. Themaen: 1. "Basisformatioun zur Richtlinn fir den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen" 2. "Gespéichsféierung mat Jonken" (Übungen a Methoden)
Inhalt	Wéi ginn ech mat Jonken ëm, déi legal an/oder illegal Droge konsuméieren? Am éischten Deel beschäftege mir eis mat der Richtlinn (Kooperatioun tëscht CNAPA a SIL) zum Ëmgang mam Konsum vun Drogen. Zousätzlech ginn déi verschidde Substanzen méi am Detail erklärt. An engem zweeten Deel sti Methoden an Übungen am Mëttelpunkt fir mat Jonken iwwer dëst Thema ze schwätzen. Dës sinn interaktiv opgebaut, fir déi Jonk esou fir dëst Thema ze sensibiliséieren an am Sënn vu preventive Botschaften, laangfristeg positiv Effekter z'erzilen.
Präis & Bezuelen	15.00 € Am Viraus Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen.

Merci un eis Sponsoren
BeFresh
lalux ASSURANCES
SPUERKEESS